



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den Artikel 16 vum Gesetz vum 24te Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Fliichte vum Patient, leet am Artikel 16 een Auskonftsrecht (droit d'accès) fir Patiente fest.

***Art. 16.** (1) Le patient a un droit d'accès au dossier patient et à l'ensemble des informations relatives à sa santé détenues, à quelque titre que ce soit, par un prestataire de soins de santé ou toute autre instance médicale. [...]*

*(3) Le patient a en outre le droit d'obtenir une copie de l'intégralité ou d'éléments du dossier patient. Il peut en demander la transmission au prestataire de soins de santé de son choix.*

*Les copies sont établies sur papier, ou sur un support informatique permettant une consultation ultérieure, au choix du patient et dans la limite des possibilités techniques du prestataire de soins de santé.*

*La contribution aux **frais de copie éventuellement mis à charge du patient** ne peut excéder le coût de la reproduction et, le cas échéant, de l'envoi.*

Dës Dispositioun suergt fir Verwirrung, well, wéi et schéngt, steet se a verschiddene Fäll am Widdersproch mam Artikel 15 Paragraf 3 vum EU-Reglement 2016/679 (GDPR), deem d'Auskonftsrecht an d'Recht op den Erhalt vu Kopië folgendermoosse festleet:

*3. Le responsable du traitement fournit une copie des données à caractère personnel faisant l'objet d'un traitement. Le responsable du traitement **peut exiger le paiement de frais** raisonnables basés sur les coûts administratifs **pour toute copie supplémentaire** demandée par la personne concernée. Lorsque la personne concernée présente sa demande par voie électronique, les informations sont fournies sous une forme électronique d'usage courant, à moins que la personne concernée ne demande qu'il en soit autrement.*



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

An der Broschür "*Les droits des patients*" schreift d'*Patientevertriedung*

*Le patient a le droit de demander copie de son dossier médical auprès de chaque médecin consulté (cabinet médical). Le patient a le droit d'obtenir une copie du dossier de celui-ci à ses frais et contre signature. (Article 16(3) de la loi du 24 juillet 2014 / Code de déontologie des professionnels de santé)*

wat ze interpretéieren ass, wéi wann d'Auskonftsrecht fir Patienten nëmme géint Bezuelung ka stattfannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Muss ee Patient fir den Erhalt vun enger Kopie vu senger perséinlechen Donnéeë souwéi eng Kopie vum Patientendossier administrativ Käschen bezuelen? Falls jo, wéi setzt sech de maximale Montant, deen ee Patient an deem Fall bezuele muss, zesummen?
2.
  - Ugesiichts dem Wuertlaut vum Artikel 16 Paragraf 3 vum GDPR, wou steet "*Le responsable du traitement peut exiger le paiement de frais raisonnables basés sur les coûts administratifs pour toute copie supplémentaire demandée par la personne concernée.*";
  - an ugesiichts dem Wuertlaut vum lëtzebuergesche Gesetz, wou steet "*La contribution aux frais de copie éventuellement mis à charge du patient ne peut excéder le coût de la reproduction et, le cas échéant, de l'envoi.*";
  - an de Fall gesat, ee Patient freet net no enger Kopie supplémentaire, mee einfach no enger normaler Kopie vu sengen Donnéeën an/oder sengem Patientendossier; gesäit d'Ministesch ee Widdersproch tëschent den Dispositiounen vum lëtzebuergesche Gesetz an dem GDPR? Falls nee, firwat net?
3. Plangt d'Ministesch d'Gesetz iwwert d'Rechter an d'Flichte vum Patient op dësem Punkt unzepassen, fir et méi kloer ze reegelen? Falls jo, wäerten d'Ännerungen a Richtung vun der Gratuitéit fir Kopien oder fir d'A-Rechnung-Stelle vun den administrative Käschen goen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

